Walfer Foto-Frënn

Clubzeitung

01|14



Patrick Heller

Club News

1. Editorial

No der läschter Assemblée générale huet sech un der Zesummesetzung vum Comité villes geännert. Suwuel de President wéi och de Sekretär, d'Vizepresidentin an d'Trésorière si vun hire Posten zréckgetrueden an och zwee laangjäereg Comitésmemberen sinn definitiv aus dem Comité ausgescheed.
Uschléissend huet sech de Comité nei opgestallt.
Mat engem neie President (Patrick Heller), engem neie Sekretär (Henri Da Cruz), engem neie Vizepresident (Yann Koenig), an engem neien Trésorier (Luc Ramponi), leien d'Geschécker vum Club elo an aaneren Hänn, och wann dës „nei" Leit bis elo just aaner Fonktiounen am Comité haten an déi Memberen, déi hir Posten zur Dispositioun gestallt hunn, weiderhin am Comité bleiwen.
Bis op déi zwee Comitésmemberen, déi definitiv opgehalen hunn an ee Clubmember, deen nei am Comité ass (Roland Muller), hu sech d'Nimm vun den anere Comitésmemberen net geännert. Et bleift also eng gewëssen Continuitéit bestoen.

Aanersäits setze mer mat der Nominéierung vun dräi jonke Leit op d'Poste vum Sekretär, Vizepresident an Tresorier bewosst op Inovatioun.
Andems mer den neien Technologien an de soziale Medien méi eng grouss Plaz araumen, schafe mer d'Basis fir nei Memberen mat neien Iddien ze kréien. Mat der finanzieller Hëllef vu Sponsoren kënne méi interessant Aktivitéiten ugebuede ginn an de Club gëtt doduerch méi onofhängeg vun Optragsreportagen (fir déi sech praktësch kee Member méi interesséiert).

Wat d'Clubaktivitéiten ugeet, hoffe mer weider op Propositiounen vun eisen aktive Memberen.
En attendant hu mer fir déi nächst Méint e Programm zesummegestallt, deen eigentlech jiddereen usprieche misst, an deen der op dëse Säite fannt.
Et sinn hei just déi klassësch Méindesversammlungen opgeféiert.
Donieft wëlle mer awer och déi eng oder aner Aktivitéit op e Weekend leeën. Hei ginn et scho konkret Iddien, ma well nach näischt definitiv ass, kënne mer et nach net offiziell ukënnegen.
Ech erënneren dowéinst nach emol un eisen Internetsite,(www.wff.lu) wou der de läschte Stand vun de geplangten Aktivitéiten, Detailler an Auerzäiten kënnt kucke goen.

Trotzdem datt mer d'Visibilitéit vum Club duerch eis Präsenz an de soziale Medien verbessere wëllen an datt mer d'Memberen verstärkt iwwer eisen Internetsite oder per E-Mail informéieren, ass et eis awer och weiderhin wichteg, all déi Memberen ze erreechen an ze informéieren, déi de PC, den Tablet oder de Smartphone net als feste Bestanddeel vun hirem Liewen betruechten.
Et bleift also dobäi, datt mer zwee Mol d'Joer eis Clubzeitung um klassësche Postwee verschécken!

Patrick Heller
President

2. Programm bis November 2014

1.09.2014: Tour iwwer d'Schueberfouer
Mir treffen eis um 19h00 an der Entree vun der Schueberfouer a ginn eis de Spektakel mam Fotoapparat ukucken.

15.09.2014: Challenge Goodyear (1)
Diskussioun iwwer de Sujet vum nächste Joer
Well eng ganz Rei Membere beim nächsten Challenge wëlle matmaachen kucke mer eis de Sujet méi genau un a maache Propositiounen.

6.10.2014: Eraussichen vun neie Fotoen fir an eisem Lokal opzehänken
Et gëtt su lues Zäit, fir d'Fotoen an eisem Lokal ze erneieren. Dofir soll all Member, deen an den zwee läschte Joren bei iergendenger Clubaktivitéit Fotoe gemaach huet, vun all Aktivitéit seng beschte Foto eraussichen an se als Jpeg-Fichier matbréngen. Zesumme maache mer dann de Choix vun de Fotoen, déi mer wëllen ophänken.

20.10.2014: Vakanzefotoen
Wien an der Vakanz flott Fotoe gemaach huet an se weise wëll, soll w.e.g. e „best of" dovun op Stick oder CD matbréngen.

3.11.2014: Challenge Goodyear (2)
Éischt Fotoen, Analys an Diskussioun
Bestëmmt hu schon e puer Memberen éischt Fotoen fir den Challenge gemaach. Mir kucken eis se zesummen un an diskutéieren driwwer.

17.11.2014: Austausch an deelweis Erneierung vun de Fotoen am Haus am Becheler
D'Biller vun eiser permanenter Ausstellung am Haus am Becheler hänken elo scho bal dräi Joer an et gëtt Zäit fir eis drëm ze këmmeren!

Déi eenzel Aktivitéiten vun dësem Programm kënnen kuerzfristeg geännert ginn!

3. Visite "Den Heischter"

Fir eist traditionellt Ofschlossiessen virun der Summerpaus hu mer dëst Joër keng Käschten a keng Méi gescheit a sinn op Heischend an d'Mikrobrauerei „Den Heischter" gepilgert fir d'Konscht vum Béierbrauen an Theorie a Praxis vu ganz no ze erliewen.
A well de Béier frësch gebraut am beschten ass, hu mer eis uschléissend intensiv drëm gekëmmert, datt esou vill wéi méigelech dovun de Verfallsdatum net méi ereecht.

Datt den Heischter Béier den Deplacement wäert war, brauch wuel net méi extra präziséiert ze ginn , grad esou wéineg wéi déi excellent Grillade, déi de Benny Wallers eis opgedëscht huet. A répéter!

P.s.: Mir waren mam Bus ënnerwee!












dida


dida

Daniel Schmit





Clubmember Clubmember Clubmember

Numm:
Daniel Schmit

vu Beruff Eisebunner

Zanter 02.2008
Member am WFF



Meng Hobbyën:
Fotografie a Velofueren

Fotomaterial:
Boitier: Nikon D700

Objektiver: Nikkor AF-S 14mm-24mm f2,8 / 24mm-70mm f2,8 / 70mm-200mm f2,8

Sigma 105mm f2,8 Makro

Konverter: Nikon TC-20EIII (2x)

Nikon Bletz SB 900









Clubmember Clubmember Clubmember



Numm:
Roland Muller-Arens



Ech sinn elo zënter 3 Joer am Club a säit e puer Méint och am Comité vun de WFF a fotografëieren am léifsten Architektur, Landschaften a Personnagen.

Meng Hobbyën:
E weideren ganz groussen Hobby ass d'Motofueren wou ech natierlech meng Kamera ëmmer dobäi hun. Da fueren ech och nach ganz gären e puer Kilometer mat mengem Velo iwwer Bierg an Dall.

Fotomaterial:
Boitier: Nikon D7000

Objektiver: AF-S Nikkor 16-85mm 1:3,5-5,6 G ED
AF-S Nikkor 70-300mm 1:4,5-5,6 G


Nikon Bletz Speedlight SB 700

Handy Foto-concours

Am Fréijoër hate mir zesummen mam Walfer Jugendhaus “Woodstock” ee Concours fir Handy-Fotoën organiséiert. Dëse Concours huet sech u Jonker tëschent 12 an 21 Joer geriicht, a gefrot ware Fotoën déi mat engem Smartphone oder Foto-Handy gemaach gi sinn.

Bis den 30.04.14 konnten déi Jonk eis Fotoën eraschécken zum Thema :
“ZESUMMEN AN D`ZUKUNFT - KONTRASTER AN EISER GESELLSCHAFT”

Op dëser Plaz wëlle mer iech déi 3 éischtplatzéiert Fotoën firstellen.



1er Prix - Binsfeld Claire



3e Prix - Kieffer Yannick

2e prix - Ribeiro Barbosa Stephanie



Impressum Impressum Impressum

Redaktioun:
Patrick Heller,
Luc Ramponi & Comité

Layout:
Luc Ramponi

Editeur responsable:
Walfer Foto-Frënn
B.P. 72 ; L-7201 Walferdange
www.wff.lu; info@wff.lu
Parution:Périodique

Copyright: WFF 2014

Walferdange
Port Payé

PS/633